mam Dépôt vun hirem Rapport op, virausgesat, dass d'Chamber domadder averstanen ass.

Dofir wëll ech d'Chamber froen, ob se d'accord ass mat der Opléisung vun där Spezialkommissioun?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

3. Déclaration de recevabilité

Esou wéi den Artikel 57 (1) vum Chamberreglement et virgesäit, huet d'Presidentekonferenz an hirer Sitzung vum 1. Mäerz virgeschloen, datt folgend Propositions de loi fir recevabel erkläert ginn:

1. D'Proposition de loi 5302 vum Här Jacques-Yves Henckes iwwert d'Prozedur bei der Asylufro;

2. D'Proposition de loi 5304 vum Här Jacques-Yves Henckes iwwert d'Autorité parentale.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

4. Retrait du rôle de quatre propositions de loi

An därselwechter Réunioun huet d'Presidentekonferenz sech och mam Virschlag vun der LSAP-Fraktioun averstanen erkläert, fir véier Propositions de loi vum Rôle ze sträichen.

Dat sinn:

a) d'Proposition de loi 3696 vum Här Robert Angel iwwert d'Verpackungscontainer;

b) d'Proposition de loi 4022 vum Här Marc Zanussi iwwert de Schutz vun der Flora;

c) d'Proposition de loi 4297 vum Här Mars Di Bartolomeo iwwert d'Verkéiersreglement;

d) d'Proposition de loi 4744 vum Här Ben Fayot, déi d'Schafung vun enger Commission d'étude virgesäit iwwert d'Enteegnunge während der Nazi-Zäit.

Ass d'Chamber och domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

5. Ordre du jour

Wat eis parlamentaresch Aarbechte vun dëser Woch ubelaangt gëtt Folgendes virgeschloen: D'Chamber siégéiert haut de Mëtteg a muer de Mëtteg um hallwer dräi. Iwwermuer en Donneschdeg ass keng Sitzung.

Haut de Mëtteg hu mer:

1) Eng Froestonn un d'Regierung;

2) d'Question avec débat N° 38 vum Här Alex Bodry iwwert de Protokoll vu Kyoto;

3) de Projet de loi 5104 iwwert den europäeschen Haftbefehl;

4) de Projet de loi 5199 iwwert d'Titrisatioun;

5) de Projet de loi 5194 iwwert d'Banque Centrale Européenne a

6) de Projet de loi 5205 iwwert de Centre Informatique.

Den Ordre du jour gëtt evakuéiert, och wann d'Sitzung no siwen Auer muss verlängert ginn.

Muer um hallwer dräi hu mer d'Orientéierungsdebatt iwwert d'Chancëgläichheet tëschent Mann a Fra, an dat nom Modell 2.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

d'Chamber online op

www.chd.lu

Et ass also esou décidéiert.

Den Här Paul Helminger freet d'Wuert.

6. Dépôt d'une proposition de loi

M. Paul Helminger *(DP)*.- Här President, ech wollt eng Proposition de loi déposéieren, déi zum Zweck huet fir d'Gesetz vum 25. Februar 1979, esou wéi et schonn eng Kéier ofgeännert ginn ass, duerch d'Gesetz vum 20. Abrëll 1998 iwwert d'Aide au logement ze modifiéieren, fir verschidden Ongerechtegkeeten, déi sech bei der praktescher Applikatioun vun deem Gesetz erwisen hunn, auszebigelen.

- Proposition de loi 5309 modifiant la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Paul Helminger a si gëtt un déi zoustänneg Kommissioun respektiv un de Conseil d'État weidergeleet.

Den Här Greisen freet nach d'Wuert zum Ordre du jour.

7. Ordre du jour (suite)

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mer d'Wuert gefrot zum Ordre du jour. Et geet ëm eng Question parlementaire, déi ech gestallt hunn, schonn den 9. Dezember 2003, an zwar un dräi Ministèren, well dee Fall e bësse méi komplizéiert ass: un d'Travaux publics, un den Intérieur an un den Tresor a Budget.

Den 9. Januar hunn ech d'Äntwert kritt vum Ministère de l'Intérieur, dee sech dann do net kompetent fillt. Den 9. Februar kréien ech vun den Travaux publics d'Äntwert, déi soen, si hätten do näischt ze soen, an elo de 16. Februar seet den Här Minister Biltgen mer, déi Fro kënnt ech hei am Parlament stellen, wa bis dohinner nach keng Äntwert komm wier. Bis haut de Moien ass nach keng Äntwert erakomm, an dofir géif ech d'Chamber bieden, dass ech déi Fro kënnt herno um Uschloss vun der Froestonn stellen. A mengen Aen ass et eng dréngend Fro, well an der Tëschenzäit ebe weiderhin do geschafft gëtt.

Ech soen lech merci.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Wann de Minister hei ass kënnt e jo drop äntwerten. Ech hunn dat esou verstanen.

Den Här Rippinger freet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP)*.- Här President, ech weess net, ob ech dat richteg verstanen hunn, mä wéi et schéngt hunn dräi Ministere sech als net zoustänneg erkläert. Mä da war d'Fro schlecht gestallt, well soss wär se net un dräi Ministere gaangen. Ech géing proposéieren, mir géingen dat dote renvoyéieren an d'Conférence des Présidents, an da géif se direkt…

(Interruptions diverses)

M. le Président.- De Minister ass jo net hei!

M. Fernand Greisen *(ADR)*.- Also, et deet mer Leed, et ass ganz kloer ervirgaangen aus deem wat ech virdru gesot hunn, dass dat de Minister vum Tresor a Budget ass. Wann dat deen Eenzegen ass, deen nach do kompetent ass vun deenen dräi, déi ech genannt hunn, da wär ech frou wann dee kënnt dorobber äntwerten. En plus, fir et an d'Conférence des Présidents ze ginn, ech hunn hei e Bréif leie vum Minister Biltgen, wou gesot gëtt, dass et hei kënnt haut zur Sprooch kommen.

M. le Président.- Ech gesi keng Schwieregkeet wann de Minister do ass, dass Dir Är Fro da kënnt stellen.

Mir kommen elo zur Fro 366 vum Här Norbert Haupert un d'Bauteministesch, iwwert den Ausbau vun eisem Stroossennetz am Süde vum Land.

D'Wuert huet den Här Norbert Haupert.

8. Heure de questions au Gouvernement

- Question N° 366 du 9 mars 2004 de Monsieur le Député Norbert Haupert concernant l'extension du réseau routier dans le Sud du Luxembourg et les documents y relatifs publiés sur le site de l'Administration des Ponts et Chaussées, adressée à Madame la Ministre des Travaux publics

M. Norbert Haupert *(CSV)*.- Merci, Här President. Madame Minister, et gëtt eng Rei Biergerinitiativen, déi sech ëmmer erëm Suerge maachen iwwert d'Trasse vun engem eventuellen Ausbau vun eisem Stroossennetz, an dat besonnesch am Süde vun eisem Land, a besonnesch wat d'Collectrice du Sud ubelaangt, andeems se sech op sou genannt offiziell Projete baséieren, déi se op engem Internetsite erëmfannen.

An deem Kontext wollt ech wëssen:

1) Wéi offiziell sinn déi Pläng, déi een um Internetsite vun de Ponts et Chaussées fënnt ?

2) Ob den Ausbau vun der Collectrice du Sud am Kader vun der IVL-Etüd virgesinn ass?

3) Fir den Enkpass vum Verdeeler Lankels op der Collectrice du Sud ze behiewen, ass do de Bypass noutwendeg, deen de Quartier vun der Monnerecher Kopp géing an zwee splécken? Oder kann een deen Enkpass och behiewen, andeem dass een eng aner Alternativ dozou géif fannen?

M. le Président.- D'Madame Bauteministesch Erna Hennicot-Schoepges huet d'Wuert.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics*.- Här President, ech si frou, datt den Här Haupert mer d'Geleeënheet gëtt, fir nach eng Kéier ze répétéieren,…

(Interruption)

Jo, ganz richteg.

Wann eng Biergerinitiativ an d'Welt setzt, do wär jo awer um Internetsite vun de Ponts et Chaussées déi Strooss agezeechent vun där ech gesot hätt, si wär nach net décidéiert, dann hätt de Minister d'Wourecht net gesot, dat gëtt mer hei d'Geleeënheet fir ze soen, datt all déi Pläng, déi um Internetsite: www.route2020.lu stinn, een Deel si vun deem Strategiepabeier vu Ponts et Chaussées.

Dee Pabeier vun de Ponts et Chaussées, als Strategiepabeier dokumentéiert - neierdings op deem Internetsite ganz kloer markéiert -, ass en Aarbechtsdokument. Dat ass en Aarbechtsdokument vun der Stroossebauverwaltung an déi offiziell Positioun vun der Regierung ass a bleift den IVL. Den Aarbechtspabeier vu Ponts et Chaussées ass vun der Regierung net festgehalen als Décisioun, dat ass een Aarbechtsdokument an nach wie vor wäert d'Regierung an der Démarche vum IVL, wou d'Ministèren alleguerten zesummeschaffen, bleiwen.

An deem IVL besti fir de Süden zwee Szenarien:

- En Szenario IVL 1, deen d'Liaisoun mat Sélange an de Bypass Monnerech ëmfaasst.

- De Verkéiersszenario IVL 2, dee vum Grupp vum IVL recommandéiert gëtt, an dee proposéiert op de Bau vun deenen zwou Stroossen ze verzichten, Bau, dee jo d'Collectrice du Sud an eng international Autobunn géif transforméieren.

Wat den Ëmbau vum Lankelser Échangeur ugeet, do ass geduecht, datt ee Giratoire awer net a Verbindung ze setzen ass mat der Transformatioun vun der Collectrice du Sud an eng international Autobunn, mä datt een dat éischter an de Kontext muss setze mat der Verbindung mat Micheville. Dës Verbindung dat wier souzesoen d'Verlängerung ënnert der Form vun enger Expressstrooss vun der heiteger Autobunn A4 a Richtung Frankräich mat Uschloss un déi franséisch N30. Dës nei Strooss géif dann och d'Frichë vu Belval an d'Jonctioun mat der loothréngescher Nordregioun uschléissen. Do sinn awer nach Verhandlunge mat de Fransousen ze féieren. Dës Léisung ass an där Propositioun vun IVL virgesinn als Basisfall +, wou als Erklärung an deem Dokument - wat Der deemnächst hei wäert vum Minister Wolter virgestallt kréien - derbäisteet, datt och do nach keng politesch Décisioun gefall ass.

M. le Président.- Mir kommen zur Fro 367 vum Här Mars Di Bartolomeo un den Innenminister iwwert d'Subventionéierung vun de Gemengen. D'Wuert huet den Här Mars Di Bartolomeo.

- Question N° 367 du 9 mars 2004 de Monsieur le Député Mars Di Bartolomeo concernant le subventionnement des communes, adressée à Monsieur le Ministre de l'Intérieur

M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, 2001, 2002 an 2003 huet de Premierminister jeeweils bei der Erklärung zur Lag vun der Natioun ugekënnegt, dass déi Gemengen, déi bereet sinn ze wuessen, méi staark vum Stat géife gehollef kréien, ënner anerem beim Subventionnement vun de Schoulgebaier.

Mir hunn eis dofir 2003 gefreet, wéi den Innenminister eis matgedeelt huet, dass an Zukunft d'Schoulgebaier géife méi staark vum Stat subventionéiert ginn. Dat war sensibel. Et ass geschwat ginn, dass d'Subsiden un d'Gemengen ëm 25% géifen erhéicht ginn. An anere Wierder, wann eng Gemeng bis elo 10% kritt huet, géif se an Zukunft 35% kréie fir d'Ënnerstëtzung vum Bau vun neie Schoulen.

Mir hunn dat gegleeft, well den Innenminister net gewinnt ass an deenen dote Saachen ze flunkeren a mir waren dofir net schlecht erstaunt, dass mer virun e puer Woche gewuer gi sinn, dass dat net esou ass, dass zwar den Innenministère Engagementer iwwerholl huet bei 17 Gemengen, fir déi doten Tauxen ze applizéieren an déi 17 Gemengen deen Taux och retroaktiv op 2002 kréien, mä dass awer de Budgetsminister am Rahme vun den Diskussioune vum Budget 2004 zesumme mat der Finanzinspektioun gesot huet: Esou geet dat net. An anere Wierder, et sinn Engagementer erausgaange fir 17 Gemengen no deem neie System an déi aner Gemenge profitéiere weder 2002, nach 2003, nach 2004 vun deem majoréierten Tarif, well ee Veto vun der Finanzinspektioun komm ass. Deux poids, deux mesures!

Meng Fro: Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir dass déi Engagementer, déi vis-à-vis vun de Gemenge geholl gi sinn, honoréiert ginn. Wéi gesot, dat hei ass keng Spekulatioun vu mir, et ass d'Resultat vun der Äntwert, déi ech kritt hunn op eng Question parlementaire, wou den Innenminister mer gesot huet, dass dat eben domm gaange wär, mä dass dat awer net ze ännere wär, bis dass d'Finanzinspektioun hire Veto ophieft, respektiv de Budgetsminister bereet ass, dat, wat den Innenminister ugekënnegt huet, och esou ze applizéieren.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Innenminister Michel Wolter.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Dir Dammen an Dir Hären, ech géif dem Här Di Bartolomeo nach eng Kéier dat äntwere wat ech him schonn an der schréftlecher Question parlementaire iwwert deeselwechte Sujet geäntwert hunn, déi hien den 18. Dezember vum leschte Joer gestallt huet.

Et ass effektiv esou, dass den Innenminister, nodeem en d'Finanzsituatioun vun de Gemengen analyséiert huet, zur Konklusioun komm ass, dass de Bau vu Schoulen ee vun deene wesentleche Budgetsposten ass, déi d'Gemenge musse bestreiden an deen à tel point eng Incidence op d'Gemengefinanzen huet, dass an Zäite wou d'Gemengefinanze vläicht riskéieren net méi esou weider ze wuessen, wéi dat an de leschte Jore geschitt ass, een iwwer en neie Modus vu Finanzement vun de Gemenge beim Bau vun Zentralschoulen, awer och beim normale Bau vu Schoulen intervenéiert. Dat d'autant plus dass eng Rei vu Buergermeeschteren, a mengen Aen zu Recht, och den Här Bettendorf, zu där Zäit wou en nach Buergermeeschter war zu Bartreng, drop higewisen hunn, dass och sou genannt méi finanzkräfteg Gemengen ouni iergendwellech Hëllefe vum Stat beim Bau vu Schoule ganz schwéier iwwert d'Ronne géife kommen.

Ech hunn doropshin effektiv gemengt, dass een déi Tauxen, déi am Fong haut bei 50% leie beim Bau vun den Zentralschoulen, wat haaptsächlech e Kredit ass un déi finanzschwaach Gemengen, respektiv deen haut tëschent 0 a 40% läit en fonction vun der Capacité financière vun de Gemenge beim Bau vun deenen anere Schoulen, dass een deen op 75%, respektiv op eng Fourchette vu 25 bis 65% géif erhéijen, fir sécherzestellen, dass am Fong eng Gemeng an Zukunft, wa se eng Schoul baut, op d'mannst en Taux d'intervention vu 25% vum Stat kritt, egal a wat fir enger finanzieller Situatioun d'Gemeng ass. Dat fir ze dokumentéieren, dass de Stat bereet ass alleguerten d'Gemenge bei deem doten Effort ze ënnerstëtzen.

Elo ass et effektiv esou, dass am Kader vun den Diskussiounen iwwert de Budget vun dësem Joer, also vum Joer 2004, an zwar ass dat eng Décisioun, déi d'Regierung kollektiv geholl huet, well de Budget vun der Regierung jo kollektiv och an de Processus geet, datt selbstverständlech opgrond vun enger Rei vun Diskussiounen, d'Regierung der Meenung war, dass een dës Regelung fir d'Joer 2004 nach net sollt spille loossen.

Doropshin hunn ech dem Här Di Bartolomeo schonn am Dezember geäntwert op seng Fro, dass déiselwecht Fro do dann nach eng Kéier beim Budget vum Joer 2005 wäert kommen. Ech halen et do mam Här Wagner, dee mol eng Kéier viru Joren hei gesot huet, dass wann ee sech och déi éischte Kéier vläicht am Conseil de Gouvernement nach net konnt duerchsetzen, een dat dann an enger nächster Kéier kann nohuelen. Toujours est-il, dass effektiv den Innenminister sech par rapport zu 17 Gemengen an déi Richtung schon engagéiert huet. Dat Engagement steet.

Et ass um Innenminister, selbstverständlech en absence vun enger definitiver Décisioun vun der Regierung, an déi Richtung mat deene Crédits budgétaires, déi hien zur Verfügung kritt vun der Regierung, fir op deene Posten dann ze agéieren, fir ze kucken, dass en d'Verdeelung tëschent de Gemen-